MUNNEREFER MAIS
FNEL SCOUTEN A GUIDEN

# d'  -blat

Abrëll 2020 No 23

Redaktioun : Hengi Schreiner a Grupperot

## De FNEL'S Shop

De FNEL ScoutShop ass bis op weideres zou !!!

Le FNEL ScoutShop est fermé jusqu`à nouvelle information !!!






Wëllefcherscheffen am Asaatz

*Explications pour les logos en haut des différents articles du „Kéisblat"*

= informations pour les louveteaux (8 à 11 ans)

= informations pour les scouts (11 à 15 ans)

= informations pour les explorers (15 à 18 ans)

= informations pour les rovers (18 à 26 ans)

= informations de la part de notre amicale

fnel scouts & guides

Munnerefer Mais asbl
8, rue Dr Schumacher
L – 5654 Mondorf-les-Bains
www.muma.lu info@muma.lu
BGLL IBAN LU19 0030 8721 8794 0000.

# Memberskaart 2019-2020

Rappel

Chers parents,
Chers membres,

Le comité des "Munnerefer Mais" vous remercie pour la confiance que vous nous témoignez en nous confiant vos enfants dans notre groupe.
Nous espérons que nos activités de l'année à venir trouveront le même grand intérêt parmi nos jeunes membres et continueront de leur faire plaisir.

Afin de pouvoir garantir les activités du groupe dans ce sens, nous avons l'honneur de vous informer que les cotisations des enfants membres restent fixées au même montant que l'exercice écoulé et par conséquent s'élèvent comme suit:




€25.- pour le premier enfant et

€20.- pour chaque enfant supplémentaire de la même famille.

Nous vous saurions gré, de bien vouloir nous virer le montant relatif sur le compte "**MUNNEREFER MAIS**" **IBAN LU19 0030 8721 8794 0000** auprès de **la BGL-BNP Paribas** avec mention du nom de l'enfant cotisé.

Dans l'espoir d'une bonne continuation dans l'intérêt de nos membres, nous vous prions d'agréer, chers parents, chers membres, l'expression de nos meilleurs salutations,

Le comité
MUNNEREFER MAIS

Rappel

# Message vum Gruppechef

Léif Memberen, léif Elteren

Wéi der jo sécher wësst, ass villes op der Kopp wéinst der aktueller Situatioun; dëst och wat d'Scouten ubelaangt. Dir fannt an dësem Kéisblat keng Trimesterprogrammer, well all d'Aktivitéiten hu misse leider ofgesot ginn. An den nächsten Deeg kritt dir en Newsletter vum Gruppechef a President vun de Munnerefer Mais Fränz Nau geschéckt, wou dir méi Detailer kritt. Är Cheffen sinn awer ëmmer nach do fir iech an dir kënnt si ëmmer kontaktéieren. D'Kéisbalt gëtt des Kéier nëmmen online verschéckt.

Chers membres, chers parents

Vu la situation actuelle, beaucoup de choses ont dû être changé ou annulé ; ceci concerne aussi les scouts. Vous ne trouverez aucun programme trimestriel dans ce Kéisblat, car toutes les activités de l'année ont dû être annulé. Une newsletter avec tous les détails de la part de notre président et chef de groupe vous parviendra dans les jours à venir. Nos chefs de branche sont toujours disponibles pour vous, n'hésitez pas de les contacter en cas de besoin. Ce Kéisblat sera seulement envoyé via online.

# Posten fir de Pow-Wow 2021

Dëst Joer fällt de Pow-Wow vun der FNEL jo leider aus, Thema war Zäitrees an d'Mais sollten e Posten fir Beaver an evt Wëllef.am Beräich Naizäit organiséieren. Mir huelen un, datt Thema fir daat next Joer iwwerholl gëtt

D'Zäit vum Jules Verne an duerno mat all de groussen Entwécklungen (Dampmaschinn asw...), wär do zum Beispill eng Méiglechkeet, awer et kann een och eppes aneschters fannen. De Spillraum ass grouss.

Jidder Explorer, Rover, <u>mee</u> och all Chef soll seng Phantasie sprange loossen an e flotte Projet eraschécken, dee mir dann zesummen mam Comité an evt der Amicale realiséieren. Mir hunn bis elo ëmmer versicht cool Posten ze maachen, dat kréien mer och des Kéier ronn.

Allez, a lass mol den Internet duerchsichen!!!

Schéckt är Projeten mat Fiches techniques a Fotoen un fnau@pt.lu



# Aktioun #alldagengBA






Les Munnerefer Mais participent à l'action BA de leur fédération (FNEL) pour assister les gens en nécessité pour faire leurs achats. En même temps, ils ont fabriqué du produit désinfectant pour les services de santé.












# Bréif vum Chef-Scout



Léif Guiden,
Léif Scouten,

An de leschten Deeg hu Dir dem ganze Land bewisen, wat et heescht e Scout ze sin.
An enger Situatioun, wéi mir se hei am Land nach nët kannt hun, hu Dir Iech ouni laang ze zécken an den Déngscht vun de vulnerabelsten aus eiser Gesellschaft gestallt, an zanterhier hëlleft Dir dagdeeglech duerch kleng awer bedeitend Gesten den Alldag vun anere Leit e Stéck besser ze maachen.
Ären Engagement, grad esou wéi deen vun esou villen vun eisen Matbierger gëtt besonnesch deenen Hoffnung, déi am uergsten vum Coronavirus a senge Suitte betraff sin an dofir op Hëllef ugewise sin.

*"All Dag eng gutt Dot"* ass nët nëmmen een alen Scoutssproch. Dir beweist eis grad, dass een, andeems een dëse Sproch lieft, Freed an Zouversiicht an d'Welt brénge kann, ganz egal wéi d'Ëmstänn sin.
Seng Hëllef unzebidden an sech als Zil ze setzen, all Dag eppes Guddes fir d'Gesellschaft ze machen ass garantéiert de beschte Wee dës kritesch Zäit op eng positiv Manéier ze notzen.
Ma et ass souguer vill méi, well Dir gitt mam gudde Beispill fir an Dir inspiréiert mat ärem Behuelen anerer. Ëmsou méi wichteg ass ët, dass Dir Iech ärer grousser Responsabilitéit an dësen Zäiten bewosst sidd an am vollste Respekt vun den aktuelle Virschrëften handelt. Well och hei brauche mir gutt Virbiller, déi eis all zum Nomaachen encouragéieren.

Als ären Chef Scout wëll ech all eenzelnem vun Iech main déifste Respekt ausdrécken an Iech Merci soën fir ären exemplareschen Asaz.
Dir sidd eng Inspiratioun fir eis all, a mir sin houfreg op Iech!

An deem Esprit vu Solidaritéit a Courage wäerte mir duerch dës Kris kommen.
Dofir maacht weider esou!

Äre Chef Scout

# HomeScouting (Ouschteren)















Pendant ces dernières semaines, nos louveteaux étaient très actifs et ont travaillé sur leurs badges et flèches. Ils ont aussi participé aux activités HomeScouting. De nouvelles idées vous parviendront. Veuillez aussi jeter un regard sur notre page Facebook. Nous attendons encore de beaux projets de vous.



Ons Wëllef waren ganz aktiv doheem déi lescht Wochen an hunn un hiere Badger a Feiler geschafft an un den HomeScouting Aktivitéiten deelgeholl .Nei Ideen kritt dir gescheckt oder kuckt och op onser Facebook Säit. Mir fréeen ons op weider Saachen vun iech.





# HomeScouting (dobaussen)









# HomeScouting (Feiler)




Questionnaire Bronze Feil ....Yoanne....................

Wéi ass Devise vun der FNEL ? Quelle est la devise de la FNEL ?

dat steht am Devis Ehn Scout ass emmer do

Wéi ass Devise vun de Wëllefcher ? Quelle est la devise des louveteaux ?

~~Echginn mai Bescht~~ fir ehn gudden Wëllefchen zesinn.

Waat mussen d'Wëllef machen wann de Chef eemoil Wëllef rifft?

Qu'est-ce que les louveteaux doivent faire si le chef appelle 1x "Wëllef"?

Reuchsinn!

Wat ass de Graet Howl a wivill mol rifft de Chef "Wellef" hei fir?

Qu'est ce que c'est le Great Howl et combien de fois le chef appelle "Wëllef pour celui-ci?

1- Ass den kreis

2- an ehn Kreis goen Versammlung fängtun

Waat bedeiten déi eenzel Symboler vun onsem Ofzeechen?

Que veulent dir e les différents symols de notre insigne?

1) Feier / Feu drëckt Begeeschterung aus

2) Zelt /Tente stellt Liewen an der fräien Natur dur

3) Krees / Cercle ass Zechen van da Sonn

4) Haaren / Cornes Kraaf van da Indioner Kultur

FNEL scouting

Wéi ass d'Wëllefchersverspriechen? Ecris la promesse des louveteaux?

Ech ginn mai bescht fir ehn gudden Wëllefchen zesinn. Emmer engem Fred ze machen,

Waat sin déi 5 SSaachen vum Wëllefchen ? Quelles sont 5 affaires du louvetau ?

Block, Bick, Schneuer, Vademecum, mauchoir

Questionnaire Dschungeldéieren (bronze) ....Yoanne..........................

Wien ass de Bouf? Quel est le nom du Garçon?

De Bouf ass den Mogli!



Waat bedeit séin Numm? Quel est la traduction de son nom?

plakege Frësch

Vu wiem kritt hien alles beruecht, geleiert? De qui,est-ce qu'il apprend tout?

Balu, ~~Akela~~ Bagira, Chëllef bessen/

Wéi eng Déieren hunn hien bei sech opgeholl? Chez quels Animaux vit-il?

Wëllef

Nennt 2 Meeschtersprech? Ecris 2 des "Meeschtersprech?

Ech an du an ech mir si vum selwechte Blut! D' Staerkt vum Trapp ass de Wollef and d'Stärkt vum Wollef ass den Trapp!

Wien ass de Chef vum Wollefsrudel? Qui est le chef du troupeau dews louveteaux?

Akela

Schreiwt den Dschungelnumm bei all Deier op dem 2te Blad?

Met le nom de djungle sous chaque animal de la feuille 2?

Schreiwt och dobäi wien d'Céline, den Hengi, de Fraenz, d' Michi d'Ondine an den Erwan ass

Met y aussi le nom des chefs Céline,,Hengi, Fraenz, Mich, Ondine et Erwan



# HomeScouting (Postkaarten)











# HomeScouting (Sammlerbadge)



Hues du och eng flott Sammlung, da scheck ons Fotoen a schreiw eppes driwer.
Frot är Elteren op si eis kënnen déi Blieder erascannen op folgend E-Mail : henri.schreiner@education.lu oder op tibimi@gmx.net .

Dir kënnt awer och einfach eng Photo dovunner maachen an se per WhatsApp schécken op den 621 29 92 93

Si tu as aussi une collection formidable,envoie nous des photos et une petite documentation de celle-ci. Demandez à vos parents de nous les scanner aux E-Mails suivants : henri.schreiner@education.lu ou tibimi @gmx.net .

Vous pouvez aussi nous les envoyer via WhatsApp au numéro : 621 29 92 93 .


## 11. E Wëllefchen mécht d'Aen op a spëtzt d'Oueren




- ☐ Weis an erklär der Meute deng Sammlung
- ☐ Dokumentéier deng Sammlung
- ☐ Weis, datt deng Sammlung gewuess ass
- ☐ Schreif eng kleng Erklärung vun denger Sammlung fir an de Cahier de meute

Collectionneur

- Montre et explique ta collection à la meute
- Documente ta collection
- Montre que ta collection grandit
- Ecris une petite explication de ta collection pour le cahier de meute



# FNEL Mowglica (Annulatioun ☹)

Och dëse Camp ass ofgesot ginn vun onser Federatioun a gëtt op Juli 2021 verluecht. Et ass sëcher keng Entscheedung, déi der FNEL Wëllefchersekkipp liicht gefall ass, mee si kucken lo optimistesch op dat neit Joer a schaffen lo schonns drun, datt de Camp dann nach méi flott gëtt.
Fir déi wou ugemellt sinn a schons en Acompte bezuelt hunn, bréichten mer schnellstents äre Bankkonto (IBAN nummer), fir datt mir iech kënnen d'Geld zeréckschécken.

Schéckt se w.e.g un henri.schreiner@education.lu

Malheureusement aussi ce camp a dû être annulé pour cette année et est envisagé pour juillet 2021 ; une décision pas très facile à prendre par l'équipe louveteaux de la FNEL, mais déjà maintenant ils sont en train de voir pour que ce camp sera encore meilleur l'année prochaine.
À fin de rembourser ceux d'entre vous qui étaient enregistrés et avaient déjà payé un acompte, de nous envoyer vos coordonnées bancaires (numéro IBAN) pour qu'on puisse procéder aux remboursements.

Merci de l'envoyer svp à henri.schreiner@education.lu

# Rappel Feiler

Vill vun iech hunn hier Froebéi fir d'Feiler ausgefëllt an erageschéckt, nach feelen der e puer, dofir denkt drun a schéckt se un henri.schreiner@education.lu; dir fannt all d'Äntwerten an ärem Vademecum.
Mir hunn iech hei och nach d'Fotoen vun den Dschungeldéieren dobäi gemaacht, déi net mam Mail erausgaange waren. Hei mol d'Lëscht vun de Wëllef, déi schons eppes erageschеckt hunn:
Lyo, Nash, Micaela, Thomas M., Joanne, Léini, Lucy, Lucy Z., Marie, Julie, Carolina, Louis, Pit a Chloé a
Et ass nach net ze spéit, dofir zéckt net a schéckt är Fichen eran.













N'oublie pas de remplir des questionnaires pour les flèches, Tu trouveras toutes les réponses dans le vademecum.

# Message vun de Cheffen:

Wéi der schonns all matkritt hutt, leeft d'Aktioun **#Homescouting** vun der FNEL, bei där et Bastelen an aaner Aktivitéite ginn déi der maache kennt. Vun deene kann ee Fotoen maachen an se un homescouting@fnel.lu schécken, a selbstverständlech och un eis, mir freen eis iwwer all Asendung.

D'Homescouting Aktivitéiten posten mer all Dag op eiser Facebook-Säit.

Weem d'Homescouting Aktivitéiten näischt soen, fir deen hu mer des Propose: eng kleng Aktivitéit déi der maacht fir den **Handwierker Badge** ofzeschléissen, méi dozou am Artikel drënner.

Desweideren hoffe mer dass et Iech all gutt geet an dass dir an är Famille gesond bleift.

Lénks Patt,

är Scoutscheffen







# HomeScouting: Handwierkerbadge

Mir hu wärend de leschte Versammlunge fläisseg um Handwierker Badge geschafft a schonn all Punkt geschafft bis op een! **De leschte Punkt ass eng kleng handwierklech Aarbecht (Bastel).**

Dëst kennt dir doheem maache mat Material dat der zur Verfügung hutt. Ärer Kreativitéit ass fräie Laf gesat, dir kennt bastelen/konstruéiere wat der wëllt.


Hei puer Ideen/Unhaltspunkten: (Holz schnëtzelen, klengen Auto/Schëff bastelen, Patrullepanneau, elektresch Schaltung, Konstruktioun, Kniet, Beienhotel, Bracelet, een Déier/Géigestand no bastelen, ….)

Benotzt hei vir Materialien déi der an der Natur/Haushalt fannt. Dir braucht net extra eppes kafen ze goen.

**Schéckt eis eng Foto oder Video wou der är Bastel/Handwierk weist (op tom.nau@outlook.com)** (wann är Bastel eng Funktioun hutt, da weist och déi) Mir schreiwen dat op, a verginn iech den Handwierker Badge wann mer eis deemnächst rëm gesinn. Dir hutt Zäit bis Enn Abrëll.

Vill Spaß a Kreativitéit!





***Handwierker:***

- Du weess, wat vun Handwierksgeschir am Materialsall vun dengem Grupp ze fannen ass, du kanns et botzen an kenns d'Geforen.
  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________
- Du méchs eng Patrullenhandwierkskëscht a këmmers dech drëm.
  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________
- Du hëllefs bei den handwierklechen Aarbechten an dengem Scoutslokal während 1 Trimester (z. B. Schaff W.E., Usträichen + Material flécken).
  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________
- Du méchs eng kleng handwierklech Aarbecht (Bastel) fir deng Patrull (wéi z. B. eng Schnëtzelaarbecht, Patrullepanneau oder eng elektresch Schaltung = Morseapparat).

# HomeScouting (Scouting ganz kleng)



Léif Explorer, Rover a Cheffen

Well ons Aktivitéiten ënnert dem momentanen Ëmstänn staark ageschränkt hunn misse ginn, wollt ech iech zou enger klenger Bastel animéieren.

Ech hunn wëlles eng Miniatur Campsplaz ze bauen a jiddereen, dee Loscht a Motivatioun huet, ka mir dobäi hëllefen, andeems en seng Liblingsaktivitéit a Miniatur nobaut.



An der nächster Versammlung géinge mir eis dann zesumme setzen an alles schéin zesummen an Scène setze ,fir et dann als Dekoratioun an eisem Explorersall auszestellen.

Fir dass jidderee weess, wei grouss en seng Bastel soll maache, wäert ech zum Beispill d´ Trepieden aus Schaschlikspießer maache, déi ech mat dGarn zesummebannen.

Maacht all mat, a schéckt mer àr Fotoen


lénks Patt

de Jeff

# HomeScouting: Rätsel fir jidereen

Féllt dëst kléngt Rätsel aus a scheckt d'Léisungswuert bis den 20. Mee 2020 un henri.schreiner@education.lu

Vill Änwerten fann dir an der "Maus déi seet" Artikelen an de leschte Kéisblieder






1. Ofkierzung Site Scoutcenter Badboeschelchen
2. Kobra an der Dschungel
3. Haptsëtz vun der FNEL
4. Wandrichtung tëscht Nordosten an osten
5. Virnumm vum ChefScout
6. Buergermeeschter vu Munneref
7. Jamboree 1975
8. Grënner vum Scoutismus zu Lëtzebuerg
9. Knuet fir zwee verschidden déck Seeler uneneen ze strecken
10. Lord Robert Baden Powell of ....
11. FNEL Grupp vun Iechternoach
12. Numm vun der neier FNEL Branche
13. Virnumm franz. Schrëftsteller ,deen zu Munneref war
14. niddregste Punkt vu Lëtzebuerg (deitschen Numm)
15. déitschen Numm fir Suessem
16. perséinlecht Equipement fir op de Camp
17. Morse: ..-/-./../..-./---/.-./--
18. eischten Versammlungsuert vun de Munnerefer Mais
19. leschten Auslandscamp vun de Munnerefer Mais
20. Akela, mir dinn ons d'.........
21. Floss duerch Munneref
22. stärkste mann vu Lëtzebuerg, deen zu Munneref geliewt huet
23. Virnumm vun der Bieremerénger Maus
24. Sponsor bei de Mais, wou mir eppes kréien wann dir do akaafe gitt
25. Faarw vum Kraiz am Munnerefer Woppen
26. Wat ass eng Mus musculus
27. Grënner vun der Firma Cristal Mondorf Sprudelwaasser
28. Letzebuergeschen Numm vun der Eech op der Kraizung rue Gruen a rue Flammang zu Munneref
29. Partnergeméng vu Munneref
30. Numm vum Zuch, déé fréier op Munneref gefuer ass
31. Numm vun Der Blummenausstellung zu Munneref am Joer 1955
32. eng vun de Chargen vum haathee aus de mais
33. Scoutstechnik, déi den Emgang mat Kaart a Kompass léiert

# Scout Center Badboeschelchen



Léif Memberen,

Zënter dem 3 Februar 2020, schafft den Americo De Lemos Gonçalves fir den Scout Center Badboeschelchen.
Dest am Kader vun der « Mesure Travail d'Utilité Collective » zesummen mam ONIS (Office National d'Inclusion Social) an dat fir 20 Stonnen d'Woch.
Den Här De Lemos mecht, Entretiens- an Botzarbechten, an get géréiert vun der Scout Center Badboeschelchen a.s.b.l.
Mir wënschen him eng gudd Hand an fréen ons op eng gudd Zesummenarbecht.



Mat bëschten Scoutsgréiss,


Fränz NAU an Carlo SCHOTT
Scout Center Badboeschelchen a.s.b.l.



## D'MAUS, DÉI SEET

De franséische Schrëftsteller Victor Hugo huet 1871 Munneref besicht a war an enger Kuer wéinst senger Sciatique gewiecht. En war reegelméisseg an der haiteger Taverne Victor Hugo zu Altwies, déi fréier e Postbüro war, fir säi Courrier sichen ze goen. Gewunnt huet hien vis-à.vis am Hotel de Paris.





L'écrivain français Victor Hugo Hugo a visité Mondorf-les-Bains en 1871 pour suivre une cure pour soigner une sciatique. Il fréquenta régulièrement l'actuelle Taverne Victor Hugo à Altwies, qui à l'époque, était un bureau de poste, où il alla chercher son courrier. Il logeait à l'Hôtel de Paris en face de cette taverne du côté français.

